JUNI 2018

GRÉNGT BLAT

LOKALSEKTIOUN DÉI GRÉNG MIERSCH

déi gréng

> FEINSTAUBMIESSER

> SCHOULNEIBAU

> GRÉNGE STAND: MIERSCHER BRADERIE, SONNDES DE 24. JUNI 2018

www.greng.lu/miersch

GUTT LOFT ZU MIERSCH? KEE WEESS ET !

Eng grouss Ursaach fir d'Ëmweltbelaaschtung duerch renge Stëbs sinn Holzheizungen an Autosverkéier duerch d'Ofgasen an den Ofriff vun de Bremsen an de Pneuen. Déi fräigesate Feinpartikel kommen dann iwwert d'Longen an de mënschlechen Organismus a kënnen nieft Otemproblemer och Schold sinn un Erkrankungen vum Häerz a vum Kreeslafsystem, dat besonnesch bei Kanner an eelere Leit. Aus där Ursaach huet d'Ëmweltverwaltung op verschiddene Plazen am Land Miessapparater stoen, fir de renge Stëbs an der Loft ze moossen, mee leider net zu Miersch.

Dofir wëllen déi gréng Miersch dofir suergen, dass mat engem Netz vu Sensoren d'Loftqualitéit an der ganzer Gemeng ka gemooss ginn an dass d'Wäerter fir jiddereen zougänglech sinn.

Mir bidden deenen interesséierten Awunner vu Miersch un, fir 40€ ee Bausaz fir ee Sensor, deen d'Stëbspartikelen vun 2,5 µm an 10 µm miesst, ze kafen.



An engem Workshop gëtt de Bausaz zesummegesat, jiddereen installéiert säi Sensor bei sech doheem.

Iwwer WLAN ginn d'Daten op eng interaktiv Kaart vun der Initiativ https://luftdaten.info/ iwwerdroen, wou d'Wäerter fir all Sensor 24 Stonnen op 24 ze gesi sinn.

Säit kuerzem hunn e puer Memberen vun eis sou ee Sensor doheem installéiert, mee et sollen der nach méi ginn, fir dass d'Miessungen wierklech flächendeckend an der Gemeng sinn.

Wien interesséiert ass fir bei eisem Projet matzemaachen, soll bis Enn September 2018 40 € op de Postscheckkont IBAN LU28 1111 1082 7523 0000 (Kontoinhaber Guy Nimax) iwwerweisen a säi Numm, seng Adress a seng Email-Adress uginn. Mir bestellen dann d'Bausätz an deelen per Email den Datum vum Workshop mat.

Mir wëlle mat eiser Aktioun erreechen, dass d'Ëmwelt an der Gemeng Miersch e wichtegt Thema bleift an dass d'Awunner sech aktiv um Erhale vun eiser Liewensqualitéit bedeelegen. Leider bedeelegt sech d'Mierscher Gemeng net um Projet „Besser Loft fir méi Liewensqualitéit" vun der Ëmweltverwaltung an dofir wëlle mir méi spéit an enger 2. Phase och Miessunge vum Stéckstoffgehalt an der Mierscher Loft duerchféieren.



Weider Infoen op:

https://luftdaten.info/

http://feinstaub-esslingen.de/

https://ruhrmobil-e.de/

http://www.sonnenseite.com/de/umwelt/messaktion-decke-auf-wo-atmen-krank-macht.html

Vera Schleimer, Member vun déi gréng Miersch



SCHOULNEIBAU

Miersch wiisst, grouss Lotissementer sti kuerz- oder mëttelfristeg un. Méi Awunner verlaange natierlech méi Schoulraum.

Hannert der Kierch, um Site Albert Elsen, soll déi bestehend Schoul mam Festsall ofgerappt an nei, méi grouss opgeriicht ginn, fir bis zu 400/450 Kanner (+– 100 méi wéi elo), mat Sportshal, Léierschwammbaseng an zwee Mehrzwecksäll.

Déi gréng si prinzipiell der Meenung datt Schoulsiten net ze grouss solle ginn well d'Konzentratioun vun ze ville Schoulkanner op engem begrenzte Site zu Onrou an Aggressivitéit féiere kann.

Dofir stelle sech fir eis gréng e puer fundamental Froen a Problemer:

- de Schoulhaff muss vun der Fläch hir der méi héijer Schülerzuel ugepasst sinn, fir dass d'Kanner z. B. an de Pausen hirem Bewegungsdrang no de Schoulstonne lass ginn oder och roueg Plaze fannen
- d'Schüler aus dem Gebai A. Elsen musse wärend 3 Joer op verschidden anere Plaze verdeelt ginn
- erdréckt d'Gréisst vum geplangte Gebai mat der Maison Relais net den historesche Kär vum Schlass?
- de Verkéier duerch d'Mierscher Geschäftsstrooss a besonnesch duerch de Wunnquartier Mies mat Zone 30 geet nach weider erop, aplaz erof: méi Bussen, méi Privatverkéier, och owes wéinst der Sportshal an de Mehrzwecksäll
- de Parkingsproblem an der Kierfechtsallee an am Quartier Mies, den elo scho besteet, gëtt nach méi grouss a misst am viraus geléist ginn

Dass mer, och méiglechst séier, neie Schoulraum brauchen, steet ausser Fro. Mee kéint een als Iwwergangsléisung net z. B. d'Gebai A. Elsen stoe loossen a weider benotzen, de Festsall ofrappen an do Schoulraum, Hal a Léierschwammbaseng plangen?

Fir eis gréng ass et kloer, dass mer e neie Schoulsite déisäit der Uelzecht brauche fir d'Schüler vu Rolleng, Biereng, Miesdref, Pëtten an Essen (aktuell iwwert 300 Schüler), a besonnesch vum zukünftege Quartier 'Rives de l'Alzette' opzefänken. All déi Kanner hätte méi e kuerze Schoulwee an all dee Schoulverkéier géif de Kär vu Miersch net méi belaaschten.

Mir si fir e raisonnabelen Ausbau vum Schoulsite hannert der Kierch, mee all Energie muss direkt investéiert gi fir méiglechst séier Terrain fir en neie Schoulsite ze fannen.

Jhemp Reckinger, Conseiller

DÉI GRÉNG MIERSCH

MERCI CAMILLE

Mir traueren ëm de Camille Gira, ee Mënsch dee mir all immens gären haten, deen Inspiratioun a Virbild war.

déi gréng Miersch konnten ëmmer op de Camille zielen. Hien huet eis a villen Dossiere beroden, a mir ware frou fir seng Hëllef. De Camille war fir eis en zouverlässege Partner, ee kompetenten an engagéierte Politiker an ee gudde Frënd.

Mir drécken der ganzer Famill a virop senger Fra a senge Kanner eist éierlecht Bäileed a Matgefill aus.

DE GRÉNGE STAND OP DER MIERSCHER BRADERIE

SONNDES DE 24. JUNI 2018

déi gréng Miersch hunn zesumme mat hire Kolleginnen aus dem Uelzechtdall ee Stand op der Mierscher Braderie.

Mir gingen eis freeën, lech op eisem Stand kënnen ze begréissen.

MIERSCHER BRADERIE

SO. 24. JUNI 2018

An der Mëttesstonn sinn eis zwee Spëtzekandidaten, de François Bausch an d'Sam Tanson um grénge Stand.

Sam Tanson

François Bausch

Am Laf vum Dag wäerten eng ganz Rëtsch Kandidate fir d'Chamberwahlen bei eis um Stand präsent sinn.

Kommt a schwätzt mat de Kandidatinnen a Kandidaten aus dem Uelzechtdall.

D'Kandidatinnen an d'Kandidaten aus dem Uelzechtdall

Carole Ney
Luerenzweiler

Charel Margue
Lëntgen

Jessie Thill
Walfer

Liz Paulus
Steesel

déi gréng Miersch 2018 - Imprimé au Luxembourg sur du papier recyclé

déi gréng Miersch
Lis Mossong
Tel.: 691 63 00 19
miersch@greng.lu

www.greng.lu/miersch